

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

Motion 1

An dann hu mer nach eng Motioun eragereecht kritt vum Här Sven Clement iwwert d'„Mise en place d'un reporting de mise en œuvre du DSA“. Gëtt et dozou Wuertmeldungen? Här Clement, wëllt Dir nach dozou schwätzen oder duerno? Duerno. Wie wëll d'Wuert zu dëser Motioun huelen? Den Här Weidig.

M. Tom Weidig (ADR) | Jo, mir hunn eis dës Motioun vum Här Clement ugekuckt a mir fannen, datt se exzellent ass. Här Clement, Dir hutt kloer formuléiert, intelligent argumentéiert an empathesch proposéiert.

(Exclamations et brouhaha)

Dir fuerdert ...

M. Claude Wiseler, Président | Sou, wannechgelift, den Här Weidig huet d'Wuert.

M. Tom Weidig (ADR) | Dir fuerdert d'Transparenz vun den Iwwerwaachungsmoosnamen hei zu Lëtzebuerg, an dat ass eng absolutt exzellent Iddi. A mir stinn 100 % hannert der Motioun vum Här Clement a vun de Piraten. A mir soen him villmools Merci, datt en eis déi bruecht huet, a mir wäerten e selbstverständlech zu 100 % ënnerstëtzen.

Une voix | Bravo!

M. Claude Wiseler, Président | Dat war kloer. Wie wëll nach d'Wuert huelen? Den Här Arendt, d'Madamm Welfring. Här Arendt.

M. Guy Arendt (DP), rapporteur | Merci, Här Président. Och dem Här Clement Merci fir déi Motioun. U sech huet se gutt Zich. Dass emol eng Evaluatioun soll gemaach ginn, dat ass net abwegeg. Mee ech fannen, am Text selwer, an den Invitten, sinn awer nach e puer Saachen onkloer.

Ech géif den Här Clement froen, ob en d'accord wär domadder, dass mer déi géifen an d'Kommissioun verweisen.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | D'Madamm Welfring, dann den Här Polidori.

Mme Joëlle Welfring (déi gréng) | Jo, merci. Jo, bei där heiter Motioun hate mir och eis Bedenken, wat verschidde Consideranten ugeet. Am Sënn vun der Saach fannen ech se awer wichteg, dass een e Recul hält an och evaluéiert an och kuckt, wat wirklech ëmgesat ginn ass. Ech denken, et ass eng ganz gesond Saach, déi och eng gewëssen Transparenz erfuerdert. Voilà, an dofir denken ech, dass mer aus deenen doten Ursache kéinten dës Motioun matdroen. Mir sinn awer total dermat averstanen, déi och eng Kéier am Detail ze diskutéieren an der Kommissioun.

Ech fannen et awer remarkabel, dass d'ADR déi dote gutt fënnt, déi jo wirklech hei d'Ëmsetzung vun deem selwechte Reglement nach bestärkt, déi se virdrun a Fro gestallt huet. Mee dat ass e weidert Beispill vun der Inkohärenz.

(Interruptions)

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Welfring. Här Polidori.

M. Ben Polidori (LSAP) | Merci, Här President. Ech hat och elo geduecht, ech hätt de Brudder vum Här Weidig elo grad niewent mer gehat, wéi deen iwwert dës Motioun esou voller Euphorie geschwat huet. Mee bon.

Also mir si jo och am Fong ... Mir hu gesot, dass den DSA jo awer d'Transparenz fërdert, dass dat eppes ass, wat dat soll stäerken. An dës Motioun dréit dozou bäi, wat wirklech d'Ëmsetzung dovunner ass, och wat mer haut stëmmen, dass mer eemol d'Joer – bon, iwwert deen Delai kann ee sécherlech diskutéieren – awer eng Kéier sollten driwwer schwätzen, fir d'Essenz ze kucke vun dësem Projet. Mee mir sinn awer och d'accord, wann den Här Clement dat géif unhuelen, fir dat an d'Kommissioun ze verweisen.

Merci.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Polidori. Da gesinn ech keng aner Wuertmeldung a ginn dem Här Clement d'Wuert.

M. Sven Clement (Piraten) | Jo, merci, Här President. Ech war elo e bëssen irritéiert beim éischte Riedner, mee ok. Et ass, mengen ech, eppes, wat eis Kärwärter sinn. Dat doten ass eppes, wat mer vun Ufank un an de Kommissiounen ëmmer erëm zum DSA an zum DMA gesot hunn. Dofir ass et, mengen ech, nëmme kohärent, datt mer dat och elo erëm eng Kéier fuerderen.

Ech si mer bewusst, datt et eng relativ exhaustiv Motioun ass, wat och verschidden Invitten ugeet. Dofir war ech vu virera preparéiert, datt dat doten eppes wär, wat vläicht nach eng Kéier an der Kommissioun géif en Tour dréinen. An dofir kann ech déi Propos ganz gären unhuelen, Här President.

M. Claude Wiseler, Président | Merci.

Kënne mer mat Handophiewen ofstëmmen, ob dës Motioun an d'Kommissioun soll goen? Ok.

Vote sur le renvoi de la motion 1 en commission

Wien ass derfir, datt se an d'Kommissioun soll goen?

Ass een dergéint?

Enthält ee sech?

Da soen ech Iech Merci. Dann ass dës Motioun à l'unanimité an d'Kommissioun verweisen, an domat wär dann och dës Punkt vum Ordre du jour ofgeschloss.

(La motion 1 de M. Sven Clement est renvoyée à la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Digitalisation.)

4. 8435 – Projet de loi portant modification de la loi du 25 février 2022 relative au patrimoine culturel

Da géife mer zum leschte Punkt vun eiselem Ordre du jour vun haut de Moie kommen, an zwar dem Projet de loi 8435, enger Upassung vum Gesetz iwwert d'Kulturierwen. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an deemno follgendermoossen opgedeelt: 10 Minutte fir de Rapporteur, 5 Minutte fir jiddwer Fraktioun a Sensibilitéit, 10 Minutte fir d'Regierung. Et si schonn ageschriwwen: d'Madamm Octavie Modert, den Här Georges Engel, d'Madamm Alexandra Schoos, d'Madamm Djuna Bernard, den Här Sven Clement an den Här Marc Baum. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Culture

M. André Bauler (DP), rapporteur | Merci, Här Président. Léif alleguer, mam Gesetzesprojet 8435 soll

d'Patrimoinengesetz vum 25. Februar 2022, a méi genee seng Bestëmmungen zum archeologeschen an architektonesche Patrimoine souwéi zum Patrimoine mobilier, punktuell ofgeännert ginn.

Déi éischt praktesch Erfarungen an der Ëmsetzung vun dësem Gesetz hunn nämlech gewisen, dass bei vereenzelten Dispositionen nach kann nogebessert ginn a verschidde punktuell Upassunge sënnvoll wieren, fir den Demandé vun de Leit, déi all Dag mat dësem Gesetz um Terrain schaffen, entgéintzekommen.

D'Zil vum Projet ass also, op konkreet Bedürfnisser aus der Praxis anzegoen, ouni dobäi den Inhalt oder de Geescht vum Patrimoinengesetz vun 2022 a Fro ze stellen.

Wéi scho virdrunner ugedeit, betreffen déi geplangten Upassungen den archeologesche Patrimoine, de Patrimoine mobilier an den architektonesche Patrimoine.

Am Beräich vun der Archeologie ass, wéi am leschte Koalitionsaccord festgehal gouf, eng Reform vun der sougenannter Archéologie préventive virgesinn.

Mat dësem Projet wäerten deemnächst all d'Käschten am Zesummenhang mat der preventiver Archeologie komplett vum Staat iwwerholl ginn, mat der Ausnam vun de sougenannten archeologeschen Diagnosaarbechten. Bis ewell huet jo, ech erënneren dorunner, de Staat just 50 % vun dëse Käschten iwwerholl.

Dës Ännerung stellt eng wichteg finanziell Entlaaschung fir déi betreffen Akteuren aus dem Bausecteur duer. Zousätzlech ass mat dësem Projet virgesinn, datt bei Aarbechten u besteeënde Stroosseninfrastrukture keng Bewäertung méi erfuerdert ass, wat hiren eventuellen Impakt op den archeologesche Patrimoine ugeet. Dat géllt awer nëmmen, wann dës Aarbechten zu 100 % an enger sougenannter „Zone d'observation archéologique“, déi sougenannt „ZOA“, leien, an dat, well an dëse Beräicher de Risiko als éischter niddreg agestuft gëtt.

Wat de Patrimoine mobilier ubelaangt, sou gi mat dësem Gesetzesprojet kloer Reegele festgeluecht, fir ze entscheeden, wat fir Gidder als nationale kulturelle Patrimoine klasséiert kënne ginn. Ausserdeem gëtt eng offiziell Lëscht opgestallt, op där kulturell Géigestänn, déi eng besonnesch Relevanz hunn, déi sougenannte „Biens culturels d'intérêt patrimonial“, opgelëscht ginn. Dës Upassungen hunn als Zil, et ze erméiglechen, an aller Transparenz, mee virun allem mat motivéierten objektive Krittären ze entscheeden, wéi eng Gidder solle klasséiert an domadder fir d'Zukunft geschützt ginn.

Wat den architektonesche Patrimoine ubelaangt, sou wëll dëse Gesetzesprojet d'Prozeduren, fir Gebaier als Patrimoine ze klasséieren, méi einfach a méi séier gestalten. Gläichzäiteg soll de Suivi vun den Aarbechten, déi un esou klasséierte Gebaier duerchgefouert ginn, also Restauratioun, Renovatioun, besser organiséiert a begleet ginn. D'finanziell Auswierkunge vun dëser Gesetzesännerung, besonnesch vum Artikel 14 zum archeologesche Patrimoine, ginn op 3,5 Milliounen Euro pro Joer geschat.

Här President, Léif alleguer, d'Kulturkommissioun huet zu dësem Gesetzesprojet fënnf Avisen erakritt.

Komme mer fir d'éischt zum Avis vum Conseil d'État. De Staatsrot huet a sengem Avis vum 10. Dezember 2024 eng formell Oppositioun géint de Paragraf 2 vum Artikel 62bis formuléiert. D'Prozedur fir d'Opnam an d'Sträiche vu Gidder op der Patrimoinelescht soll méi kloer definéiert ginn. No enger Upassung vum Text huet de Staatsrot seng Oppositioun a sengem Avis complémentaire vum 11. Mäerz 2025 opgehuewen.

Den OAI, den Uerde vun den Architekten an Ingenieuren, huet a sengem Avis vum 28. Oktober 2024 begréisst, dass de Staat d'Käschte vun de preventiven archeologeschen Aarbechten iwwerhuele wäert, well dat eeben eng wichteg Entlastung fir d'Baubranche duerstellt oder bedeit.

Den OAI huet awer och e puer Bemierkunge gehat an huet zum Beispill gefuerdert, dass eng finanziell Kompenséierung vum Staat soll ausbezuegt ginn, wa Verspéidunge bei deenen archeologeschen Aarbechten entstinn. Donieft huet den OAI verlaangt, dass méi kloer Reegelen zu Subventiounen an Diagnose festgeluecht solle ginn. An en huet Kritik um Artikel 62bis an de laange Prozedure geäussert, Prozeduren, déi ofschreckend kënne wierken.

De Syvicol huet a sengem Avis vum 11. November 2024 d'Vereinfachung vun den administrative Prozeduren an d'Finanzéierung duerch de Staat vun de preventiven Archeologieaarbechte begréisst. Gläichzäiteg huet de Syvicol awer Bedenke geäussert, wat d'Koordinatioun tëschent den Instituter ubelaangt, déi d'Iwwerwaachung vun den Aarbechten un de klasséierte Gebaier oder an de klasséierte Gebaier sécheren an en huet betount, dass eng eenzeg Kontaktperson oder Kontaktstell fir de Bauhär méi wierksam wier.

D'Handelskummer huet den 11. Dezember hiren Avis agereecht. Si begréisst d'Zil vum Gesetzesprojet an ënnerstëtzt d'Reformen am Beräich vum kulturelle Patrimoine.

Fir weider Detailer verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport an ech erlabe mer dann och, op dëser Plaz den Accord vu menger Fraktioun, der Fraktioun vun der Demokratescher Partei, ze ginn. Ech soen Iech villmools Merci fir Är Opmerksamkeet.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Bauler, fir Äre schrëftlechen a mündleche Rapport.

An den éischten ageschriwwene Riedner oder Riednerin an dësem Fall ass d'Madamm Octavie Modert. Madamm Modert, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Octavie Modert (CSV) | Villmools merci, Här Präsident. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir diskutéieren haut iwwer e puer punktuell, mee praktesch a pragmatesch Upassungen am Denkmalschutzgesetz vum 2022, zu deem d'CSV-Fraktioun hir Zoustëmmung gëtt.

Une voix | Très bien!

Mme Octavie Modert (CSV) | Déi gréisst Ännerung bedeit, dass de Bauhär net méi d'Käschte vun de preventiven Ausgruewungen droe muss, mee de Staat iwwerhëlt se elo ganz. Dat dréckt de Käschtepunkt vum Bau, vum Haus erof a mécht d'Baue méi bëlle, well d'Linn vum kulturelle Patrimoine dierf net no engem Aarm-a-Räich-Gruef verlafen. Dofir ass déi Ännerung hei och ganz gutt an do dermadder gëtt e Punkt aus der Regierungserklärung ëmgesat.

Ausserdeem wëll d'Archeologie jo keng ofschreckend Wierkung hunn. Hei wëll ech den Här Minister froen, wéi vill archeologesch Operateure mëttlerweile agreéiert sinn. Wéi d'Gesetz a Kraaft getrueden ass, waren et der knapps eng hallef Dosen. Sinn der an Zwëschenzäit derbäikomm? Well dat bréngt jo dann och Fortgang an de Schantercher, déi da méi séier virukommen.

Dëse Gesetzesprojet bréngt och nach administrativ Vereinfachungen bei eenzelne Prozeduren. De Rapport huet eis se elo grad a sengem Rapport gutt

opgezielt. Dofir merci, Här Rapportier. An och dat ass en Deel aus der Regierungserklärung.

Wéi hat ech gesot virun dräi Joer? De Match, fir d'Of-rappen ze stoppen, soll net verluer goen, andeems sech an den Detailer, an de Prozedure verfaange gëtt, quitte datt et mat dësem Projet elo net méi een-eenzelen Uspriechspartner wäert ginn – bis elo war dat den INPA –, mee mam INRA en zweeten derbäikënn fir d'Iwwerwaachung vun den Aarbechten, un deem d'Bauhäre sech wende müssen.

Erlaab mir, léif Kolleeg/innen, an der kuerzer Riedezäit nach e puer Froe respektiv Ustëss ze ginn, déi mir wichteg si fir eng gutt Ëmsetzung vum Denkmalschutzgesetz an e flotten Denkmalschutz.

Déi éischt wär: Kënn Dir eis soen, Här Minister, wéi wäit Är Verwaltung mëttlerweile mat den Inventaire sinn?

Déi zweet, wéi gesot: Wéi vill agreéiert archeologesch Operateure gëtt et haut?

Déi drëtt Bemierkung ass: Sensibiliséierung ass esou wichteg fir den Denkmalschutz an d'Gesetz vum 2022 gradesou wéi generell Sensibiliséierung fir d'Erhale vu sou vill schéiner a flotter, mee och historiescher a kulturhistoriescher Bausubstanz hei am Land. Eis Uertschafte sollen eng Séil behalen an hir Geschicht weise kënnen. Sensibiliséierung ass also ganz wichteg. Kéint Dir eis do vläicht e puer Beispiller gi vun den Aktiounen, déi gemaach ginn?

Véierte Stéckpunkt: energieatesch isoléieren. Här Minister, do wär et gutt, Opklärung oder Virgaben ze ginn iwwer Techniken, déi déi al Bausubstanz an en historiescht Erscheinungsbild respektéieren. Well et gëtt aner Méiglechkeeten, wéi just Isolierfassaden op en Haus ze pechen, déi dat historiesch Gebai komplett banaliséieren, oder, well en aalt Haus net kann zu engem Passivhaus ëmgebaut ginn, unzeroden, et net ze restauréieren, mee ofzerappen, soss wär dat ganz neit Gesetz jo och ganz ëmsoss.

Une voix | Très bien!

Mme Octavie Modert (CSV) | Leschte Punkt: Last but not least wëll ech froen, ob d'Ännerung vun dësem Projet déi eenzeg bleiwen oder ob de Minister denkt, dass no an no nach aner komme wäerten zum Denkmalschutzgesetz vum 2022. Ech erënneren och un déi eestëmmege Motioun vun der Chamber, wéi d'Gesetz am Februar 2022 heibanne gestëmmt ginn ass. Do stoung dran, fir dräi Joer nom Akraaft-trieden – an dat ass jo da ganz genau elo – eng Evaluéierung ze maachen, et huet souguer geheescht: e „processus récurrent d'évaluation qualitative de sa mise en application“. Här Minister, géift Dir eis soe wëllen, wat do usteet a wéi Dir – respektiv Är Verwaltungen – do virugoe wëllt?

Villmools merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Modert. Deen nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Georges Engel. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

M. Georges Engel (LSAP) | Merci, Här Präsident. D'Gesetz iwwert de Patrimoine culturel ass viru knapps dräi Joer, et war virdru gesot ginn, no laange Preparatiounen an no ausféierlechen Diskussiounen an der Kommissioun vun der Chamber mat enger ganz breeder Majoritéit hei ugeholl ginn. Et ass vu ville vun de Riedner deemools als e Gesetz mat historiescher Dimensioun bezechent ginn, well et u sech e Paradigmewissel duergestallt huet am Zesammenhang mam Patrimoine culturel. Knapps néng Méint dono ass schon en neie Projet agereecht ginn an annerhalleft Joer méi spéit ass dann och dëse Projet

hei schon an der Pleniëre, fir dat Gesetz dann nach eng Kéier ze iwwerschaffen.

An eng vun den Ännerungen, wéi mer jo schon héieren hunn, ass d'Decisioun, de Prinzip vum der Archéologie préventive an deem Sënn ofzeänneren, dass de Staat d'Käschte fir dës Aarbechten elo integral iwwerhëlt an net méi just nach zur Hallschent.

Dat war effektiv schon 1900, pardon, 2022, vu verschiddene Säiten hei gefuerdert ginn. Et mierkt een, dass ech al sinn, wann een 1900 seet.

(Hilarité)

An et gëtt och elo an enger ganzer Rei vun Avisa be-gréisst.

Fir eis stellt sech awer och d'Fro, ob et sech dobäi net ëm eng verstoppten Aide à la pierre handelt, déi de Promoteuren zeguttkënn. Natierlech kann een argumentéieren, dass net nëmme grouss Promoteuren dovunner betraff sinn an dass elo och net nëmme si besser ewechkommen. Et kann een och soen, dass d'Promoteure souwiesou déi dote Käschten, déi duerch d'Archéologie préventive ugefall sinn, un d'Acquereuren, also un déi Leit, déi en Haus, en Appartement kauft hunn, viruginn hunn. D'Fro ass awer um Enn, ob dës Promoteuren dann elo an Zukunft déi Mannerkäschten, déi se elo hunn, dann och un d'Leit weiderginn, oder ob d'Leit dann an Zukunft och vun dëser neier Reegelung wäerte kënne profitéieren.

Wann ech d'Vertriederin vun der CSV héieren, déi gesot huet, vun elo u géing et méi bëlle ginn, woen ech dat awer e bëssen ze bezweifelen. An dofir wär et gutt, wa mer méi Transparenz géingen an d'Präisgestaltung vun de Promoteure kréien, vun deenen, déi Wunnenge verkafen, fir ze gesinn, wou dann effektiv d'Käschten an d'Suen higinn. Bis elo ass scho ganz vill fir d'Promoteure gemaach ginn. Bis elo si scho ganz vill Sue bei d'Promoteure gefloss a mir gesinn, dass d'Präisser net erofginn! Nee, d'Präisser ginn an d'Luucht! Dofir ass déi Ausso vun der Vertriederin vun der CSV hei awer zimmlech gewot, muss ech soen, fir ze soen, dass elo d'Präisser duerch déi heite Mes-sür eventuell géingen erofgoen. Mee mir loosse eis awer gären iwwerraschen, obwuel ech mengen, dass d'Verriedung vun der CSV do falsch läit.

Wat de Patrimoine mobilier ugeet, huet de Rapportier jo och schon erkläert, dass Krittären agefouert gi fir de Klassement an dass do dernieft eng Lëscht geschaf gëtt fir déi Biens culturels d'interêt national, déi sougenannte „BIP-Lëscht“. Dat begrësse mer ganz kloer. Allerdéngs hate mer do an der Kommissioun eng Rei vu Froen opgeworf, zum Beispill, wéi virgaange gëtt, wann de Proprietär am Ausland ass oder wunnt oder wann de Bien mobilier net um Territoire ass – eng Fro, déi besonnesch an engem klengen Land wéi Lëtze-buerg kann opkommen. Et wier also net vu Muttwëll, wann een dat gekläert hätt.

A well dës Bestëmmung vum eise belschen Noperen inspiréiert sinn, hate mir och d'Fro gestallt, wéi dës konkrete Fall bei hinne gereegelt ass a wat iwwerhaapt den Impakt vun deene Reegelen ëm de Patrimoine mobilier an d'BIP-Lëscht an der Belsch ass. An de Minister hat och deemools an der Kommissioun weider Informatiounen an Zuele versprach. Elo kann et sinn, dass d'Zuelen eng Kéier komm sinn an dass ech déi verpasst hunn oder dass ech dat iwwersinn hat, mee menges Wëssens no hu mer déi net kritt a mir géifen eis dofir freeën, wann de Minister dat dann hei kéint maachen.

Voilà! Am Groussen a Ganze begrësse mir d'Be-méiungen, déi d'Gesetz hei virgesäit, fir eng Rei vun Applikatiounen ze verbesseren, woubäi mer awer och nach ëmmer eng Rei vu Froen hunn, wou mer frou

wären, hei eng Äntwert ze kréien a wou mer och eis Bedenken hei zum Ausdrock bruecht hunn.

Merci fir d'Nolauschtenen.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Engel. An déi nächst ageschriwwen Riednerin ass d'Madamm Alexandra Schoos. Madamm Schoos, Dir hutt d'Wuert.

Mme Alexandra Schoos (ADR) | Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Här Chamberspräsident, mir stëmmen haut iwwer e Gesetz of, dat a ville Punkten eng Verbesserung vum Gesetz vum 2022 duerstellt, an dofir soen ech och direkt: Ech proposéiere menger Fraktioun, dëst Gesetz och matzestëmmen.

Ouni d'Substanz vum Gesetz vun 2022 ze veränneren, bedeit et awer eng sënnavoll Upassung un d'Erfahrungen, déi an de leschten dräi Joer mat deem Gesetz gemaach goufen, an dat besonnesch um Niveau vum archeologesche Patrimoine, vum architektonesche Patrimoine a vum Patrimoine mobiler. Mir begrëissen ausdrécklech d'Reform vum der Finanziéierung vun der Archeologie préventive an dat hei d'Käschten an Zukunft integral vum Staat iwwerholl solle ginn.

Wat den architektonesche Patrimoine ugeet, esou gëtt d'Klassifizierungsprozedur vum den historesche Gebaier vereinfacht an d'Aarbechten un dëse Gebaier besser suivéiert. Och beim Patrimoine mobiler begrëisse mir, datt kloer Krittären agefouert gi bei der Klassifikatioun vu kulturelle Géigestänn als schützenswäert Bestanddeeler vum eise Patrimoine.

Dës positiv Punkte bedeiten e Fortschritt, kënnen awer net verstoppen, datt et vill Baustellen um Niveau vun der Erhaltung vum eise Patrimoine gëtt. Esou liest een op der Homepage vun der Lëtzeburger Denkmalschutz-Federatioun: „Denke mer dach all drun, datt et keng kulturell Produktioun vun enger Gesellschaft gëtt, déi méi visibel a méi 'konsuméiert' gëtt wéi gebaute Kultur. Se steet iwwerall, mir ginn dran an an aus, all Dag, mir gesi se all Dag. Mer erliewe se all Dag. Zu Lëtzebuerg awer zerstiëre mer genee dës Kultur an engem Tempo, dee kaum oder net international unzetreffen ass, ausser a Krichssituatiounen.“ Zitat Ende.

An op der Facebook-Säit vum Mouvement patrimonial liese mer am Hibleck op d'Fassad vu Muselhaiser, déi säit engem Joerhonnert zum Réimecher Stadtbild gehéiert hunn a säit November 2024 net méi geschützt sinn, Zitat: „D'Silhouette an d'Stadtbild vu Réimech sinn ab elo an akuter Gefor.“ E puer Sätz méi wäit: „Mir hoffen, eis Verantwortlech erkennen dat och an änneren hir Meenung.“ An dat géing ech och als Ost-Deputéiert, oder als Deputéiert vum Osten, begrëissen.

Déi gréisst Gefor fir eise kulturelle Patrimoine ass a bleift awer den onkontrolléierte Wuesstem. Et soll massiv gebaut ginn zu Lëtzebuerg, wat och net virun archeologesche Sitten Halt mécht, déi een eigentlech valoriséieren an engem breede Public zougänglech maache misst.

En trauregt Beispill ass hei de „Vicus Mamer“. An hirer parlamentarescher Fro vum Oktober 2024 hat déi honorabel Deputéiert Francine Closener den Här Kulturminister no der Ausgruewung vun extreem interessante Fundstécker zu Mamer gefrot, ob hien der Meenung wier, datt dësen archeologesche Patrimoine valoriséiert sollt ginn, a wa jo, ob d'Regierung envisagéiere géif, den Terrain ze kafen, fir dësen aussergewéinleche Patrimoine ze erhalen an de Site och pedagogesch an touristesch ze notzen. Den Här Minister hat geäntwert: „Wéi an de meeschte Fäll vu preventiver Archeologie ass et net virgesinn, datt den archeologesche Site zu Mamer klasséiert a

valoriséiert gëtt. Zwar handelt et sech hei ëm ganz interessant Fundstécker, déi eng ganz Rei Froen opwerfen a wëssenschaftlech dokumentéiert musse ginn, mee no den Ausgruewunge soll de geplante Bau op där Plaz realiséiert an déi mentionéiert Objete weider studéiert ginn. Den INRA ass mat dëser Virgoensweis averstanen.“ Dat war d'Äntwert vum Här Minister.

Ech froe mech: Den INRA ass domat averstanen, datt op deem Site en Immobilieprojet entsteet? Dat ass interessant, ganz interessant, an do misste mer eis vill Froe stellen.

Zu Lëtzebuerg ass a bleift also d'Zoubetonéiere vum Territoire eebe méi wichteg wéi d'Valoriséierung vum Patrimoine. D'Archeologie kënnen zu Mamer zwar nach weidergruuen, well déi preventiv Ausgruewunge virum Akraafttriede vum 2022er Patrimoinengesetz ugefaangen haten, mee datt gebaut gëtt, dat ass sécher! Ech géing hei gär de Minister froen, wou déi Fundstécker hikommen a wéi laang nach gegruewen dierf ginn an deem heite konkrete Fall.

D'Gesetz, iwwert dat mer haut ofstëmmen, bréngt an eisen Ae kee Paradigmewissel. Et si ganz sécher eng Partie Verbesserungen dran, jo, mee am Kär wäert sech eleng mat dësem Gesetz net vill änneren.

Ech hunn dann och nach eng Motioun matbruecht, well ech, wéi dat schonns den honorabelen Deputéierte Fred Keup bei der Ofstëmmung iwwert d'Patrimoinengesetz am Joer 2022 gemaach hat, op e Problem opmierksam maache wëll. An zwar gëtt et hei zu Lëtzebuerg keng Statistik, wéi vill Gebaier hei am Land ofgerappt ginn. Esou eng Statistik wär nützlich fir d'Evaluatioun vum Denkmalschutzmoossnamen a géif wäertvoll Informatiounen iwwert den Ist-Zoustand vum der nationaler Bausubstanz ginn.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

Motion 1

D'Chamber vun den Deputéierten

stellt fest, datt

– den Ofrëss vu bestoender Bausubstanz Liewens- a Wunnraum zerstëiert;

– d'Erhale vu bestoender Bausubstanz net nëmmen eng wichteg Roll spillt am Kontext vum Denkmalschutz, mee och am Kontext vum aktuelle Manktem u Wunnengen an am Interess vum enger nohalteger Entwécklung vum eise Land;

– et wichteg wier, d'Renovéierung vu bestoender Bausubstanz ze ënnerstëtzen, fir bezuelbare Wunnraum ze schafen;

– déi Lëtzeburger Regierung bis elo keng spezifesch Statistiken iwwert d'Unzuel vum den ofgerappte Gebaier oder den Alter vun dëse Gebaier erhieft an datt an der „Long-term renovation strategy for Luxembourg“ aus dem Joer 2020 ausdrécklech mentionéiert gëtt, dass et keng spezifesch Donnéeën iwwert den Ofrëss vum Netwunngebaier gëtt („Data concerning the total area covered by all non-residential buildings and the relative shores accounted for by the different categories are only available in fragmentary form“);

– de Statec zwar Statistiken zu Ëmbaumoossnamen u Gebaier a Wunnengen duerchféiert, déi Informatiounen zu Aart, Bauweis a Fläch vum Gebaier sammelen, mee keng spezifesch Donnéeën zur Gesamtzuel vun ofgerappte Gebaier oder zum Alter vun den ofgerappte Gebaier erfassst;

– am Géigesaz dozou an anere Länner, wéi beispillsweis Däitschland, offiziell Statistiken iwwert d'Zuel vun ofgerappte Gebaier existéieren (sou goufen an Däitschland beispillsweis am Joer 2021 laut offizieller Statistik 14.090 Gebaier ofgerappt),

fuerdert d'Regierung op,

– statistesch Donnéeën ze erhiewen iwwert d'Unzuel vun ofgerappte Gebaier respektiv Wunnengen, wa méiglech pro Gemeng;

– souwäit wéi méiglech den Alter vun dëse Gebaier an enger Klassifizierung duerzeleeën;

– dës statistesch Donnéeën reegelméisseg ze verëffentlechen.

(s.) Alexandra Schoos, Fred Keup.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Schoos. Déi nächst ageschriwwen Riednerin ass d'Madamm Djuna Bernard. Madamm Bernard, Dir hutt d'Wuert.

Mme Djuna Bernard (déi gréng) | Merci, Här Präsident. Kolleeginnen a Kolleegen, d'grondleegend Reform vum Denkmalschutz vum 2022 war e Meilesteen. Et war batter néideg, datt Lëtzebuerg e kohärenten, modernen an transparente gesetzleche Kader géif kréien, deen eisen archeologeschen, architektoneschen, mobileren an immaterielle Patrimoine systematesch schützt. Dat war e wichtige Schrëtt, well eise Patrimoine net just eis Geschicht reflektéiert, mee och eis Identitéit an eist Verständnis vu Vergaangenheet a vun Zukunft. Dëst Gesetz huet modern Normen etabliert, sech un international Konventiounen ugepasst an eis Verantwortung fir d'Generatiounen vu muer festgehalten.

Déi Reform, iwwert déi mer haut schwätzen, baut op dësem Fundament op a si féiert wichteg Verbesserungen an.

Zum engen iwwerhëlt de Staat vun elo un déi ganz Käscht fir archeologesch Fouillen an der sougenannter „ZOA“ – Zone d'observation archéologique, fir déi, déi sech ënnert deem ominöse Wuert näischt kënnen virstellen –, bis op d'Ausnam vum den Diagnostikoperatiounen, déi verbleiwen. Och d'Aarbechten op der Voirie existante an net just d'Travaux d'assainissement ginn elo finanziell vum Staat couvriert, soulaang se sech zu 100 % an där sougenanntener „ZOA“ befannen.

Dëst erliichtert d'Belaaschtung fir Bauhären an ënnersträicht gläichzäiteg d'Bedeitung vum der archeologescher Preventioun. An d'Entscheidung, fir d'Käscht fir Promoteure respektiv Bauhäre vum Staat bezuelen ze loosse, ass natierlech eng substantziell finanziell Entlaaschtung fir Bauhären, souwuel fir déi eng, déi et brauchen, wéi och fir déi, déi et net bräichten. Mee et ass virun allem e staarkt Engagement fir de Schutz vum eise Patrimoine. An dat ass fir eis Gréng dat dominant Argument. D'ailleurs war de Fait, dass de Staat d'Käscht vum de Fouillé ganz iwwerhuele soll, och scho bei der Ausaarbechtung vum deemoleger Kulturministesch Sam Tanson an dem Finanzministère, dee leider deemools där Iddi net favorabel géintiwierstoung. Mir wäerten an den zukünftige Budgeten och e ganz besonnesche Bléck drop werfen, ob den haitege Finanzminister deen néidege Budget dofir bereetstelle wäert.

Doriwwer eraus, an dat gouf scho vu ville Virriedner gesot, gi mat dëser Gesetzesännerung besonnesch am Volet architectural administrativ Prozesser vereinfacht, an dat virun allem fir kleng Projeten an effentlech Infrastruktuurarbechten. Dëst garantéiert méi Planungssécherheet a verhënnert onnéideg Retarden, ouni dobäi de Schutz vum eise Kulturgidder ze kompromettéieren. Dës Upassung maachen d'gesetzlech Prozedur méi effizient a schafen eng breet Akzeptanz fir de Sujet. Si suergen derfir, dass Denkmalschutz net als Belaaschtung, mee als Bereicherung gesi gëtt, eng Investitioun an eis Kultur,

an eis Geschicht an duerch seng Wäertschätzung och an eis Zukunft.

Kolleeinnen a Kollegeen, eis Stied, eis Dierfer, eis Gebaier erzielen eis Geschicht a Geschichten. Wann ee Stee schwätze kéint, wat géif eis de swaarze Schifer soen? Wat erzielen eis déi 2.000-järeg Kiischtekären, déi am Mamer Buedem fonnt goufen? An d'Madamm Schoos huet schonn en extensive Plädoyer fir de Mamer „Vicus“ gemaach. Eis Buerger, eis Häff, eis archeologesch Fonde sinn d'Erënnerung un déi, déi virun eis waren, an d'historescht Opschaffen, d'Erhalen an d'Valorisatioun dovunner ass en Invest an eis Zukunft.

Fir déi eng ass den Denkmalschutz just eng Fro vu Reglementatioun, vun zousätzleche Fraisen, eventuellen Aschränkungen. Fir déi aner ass et d'Gewunnecht un den alen Haff am Duerfkär, d'Kierch, déi scho vill gesinn huet, oder den Iwwerbleisel vun eiser Industriekultur. Et ass wuel béides, well ouni d'Protektioun an d'Erschaffe vum Schutz vum kulturellen Ierwe verschwanne wichteg Zeien an Deeler vun eiser Kultur. Et ass eng Fro vu Respekt, vu Verantwortung a vu Wäitsicht.

An dese Gesetzesprojet mécht eist Engagement nach méi staark a beweist, datt Fortschrëtt an Erhalen Hand an Hand kënnen goen. An dowéinst ginn ech d'Zoustëmmung vun déi gréng.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Bernard. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President, léif Kolleeinnen a Kollegeen, ech erspueren Iech elo déi éischt zwou Säite vu menger Ried, wou ech plus/minus deen nammlechte Constat gemaach hätt wéi all d'Virriedner an d'Virriednerinnen, iwwert d'Wichtigkeet vun deenen eenzelne rezente Fouillen an Decouverten, a firwat dat immens wichteg ass. Ech mengen, datt dat ganz extensiv – a méi extensiv, wéi ech mer dat bei der Preparatioun vum Dossier geduecht hat –, gemaach gouf.

Wat vläicht och weist, mat wéi vill Enthusiasmus mer u sech déi ganz Opschaffung vun eiser Geschicht heiansdo ugin, nämlech, ob et Kiischtekäre sinn, déi am Mamer Buedem fonnt ginn, oder ob et Steng sinn, Brécken, Goldstécker, déi éischter dann a mengem Walbezierk fonnt ginn. Dat weist e bëssen deen Engagement an och, wéi vill Geschicht nach an eisem Buedem läit. A wann ee mat de Bauentreprisen an der Stad Lëtzebuerg schwätzt, kritt ee quasi gesot: „Mir kënnen néierens gruewen, ouni eppes ze fannen!“ An dat weist, mengen ech, och erëm e bëssen d'Geschicht, déi laang Geschicht vu Lëtzebuerg a firwat et wichteg ass, datt mer eise Patrimoine schützen.

Et ass nämlech wichteg, eis Kultur an eise Patrimoine ze erhalen, well, wéi seet ee sou schéin, „ouni Vergaangenheet gëtt et och keng Zukunft.“ A mir mussen aus där Vergaangenheet eis Léieren zéien a mir mussen se och bewahren.

Dat heescht awer net, an dat wëll ech ganz kloer soen, datt alles, wat al ass, automatesch och Patrimoine ass. Grad wa mer iwwert den architekturelle Patrimoine schwätzen, gëtt ganz heefeg Alter mat geschichtlecher Wichtigkeet vermëscht. An do wär et mer awer nach eng kéier wierklech wichteg ze soen: Et geet net nëmmen dodrëm! Just well eppes al ass, ass et net forcement erhaltenswäert! Et muss ëmmer och an de geschichtlechen an an de kulturelle Kontext passen.

Dee grouse Bemoll vläicht heibäi, dee gouf scho vun der LSAP ugeschwat, dat ass u sech de Volet vum Kaddo, deen hei gemaach gëtt fir d'Promoteuren, wou

mer den Impakt nach net gesinn hunn. An ech froe mech, ob mer déi Impakter jee eng kéier wäerte gesinn, well d'Präisser gesinn am Moment net esou aus, als géife se iergendwéi dat heite berücksichtigen. Nee, ganz am Contraire, et gëtt an d'Marge bénéficiaire agerechent. Do wär et also wierklech gutt, wa mer eis eng kéier d'Fro géife stellen: Weem ass dat heiten zum Schluss zeguttkomm? Datt et wichteg ass, d'Kultur ze erhalen, dat hunn ech elo in extenso duergeluecht. Wat awer ganz wichteg ass, dat ass, datt mer och fir déi Mesuren, déi mer huelen – wou mer mat öffentleche Gelder awer elo hei Saache subventionéieren, déi an der Vergaangenheet privat bezuelt goufen –, ganz gutt mussen oppassen, wou déi Suen herno ukommen. An dofir wär et mer wichteg, datt mer eng Evaluatioun dovunner géife maachen.

Dëst gesot, léif Kolleeinnen a Kollegeen, kann ech den Accord zu deemem Projet ginn. Et ass e wichtege Deelprojet, eng wichteg Mise à jour u sech vun deem, wat scho gestëmmt gouf. An dofir e klore Jo vun eis.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Clement. An dann, als leschten ageschriwwene Riedner, steet den Här Marc Baum hei op der Lëscht. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

M. Marc Baum (déi Lénk) | Merci, Här President. Wie sech un d'Aarbechten um Patrimoine-culturelles-Gesetz vun der leschter Legislatur erënnert, weess, datt dat ganz vill, ganz laang Sëtzunge waren, déi sech och zäitlech iwwer e ganz laangen Zäitraum gezunn hunn, an déi an där Hënsicht, mengen ech, wierklech fruchtbar waren, well eppes rauskomm ass, wat net nëmmen op eng immens grouss, breet Zoustëmmung getraff ass, mee och quasi op eng gewëssen Euphorie, well gesot ginn ass: Mat deem doten Text hu mer eng gesetzlech Grondlag, déi wierklech nei Moossstief setzt!

Duerfir hunn ech et grad esou erstaunlech fonnt wéi den Här Engel, wéi ech dann do am Koalitiounsaccord gelies hunn, datt d'Gesetz e puer Méint quasi nom Akraafttrieden eigentlech rëm soll op de Leescht geholl ginn, obwuel an der Chamber eng Motioun ugeholl ginn ass, wou gesot ginn ass: Kommt, mer ginn eis mol en Zäitraum vun dräi Joer – wéi dat dacks bei Gesetzter ass –, fir dann ze iwwerpräiwen, wat d'Wierksamkeit oder d'Netwierksamkeit dovunner ass.

An et ass virdrun och scho gesot ginn: Et gëtt dräi Beräicher, an deene Verännerunge gemaach ginn. Dat ass engersäits den architektonesche Patrimoine, wou elo vereinfacht Prozeduren opgestallt ginn; de Patrimoine mobilier, wou et nei, méi kloer Reegele gëtt, déi no objektive Krittäre festgehale ginn, wat awer éischter méi kleng Adaptatiounen sinn; an dann, an dat ass den eigentleche Grond vun der Afstellung, dat ass nämlech, datt am Koalitiounsaccord op eemol drastoung, datt d'Käschte vun de Fouille-préventiven elo exklusiv vun Staat sollen iwwerholl ginn an net méi wéi virdrun hallef Staat, hallef Promoteuren. A wéi ech dat gelies hunn am Koalitiounsaccord, hunn ech mer natierlech geduecht: Nondikass, ...

(Brouhaha)

...firwat organiséieren ech zu Monnerech net iergendwellech Partye mat Promoteuren? Vläch krit ech dann do och gutt Iddien, wéi een nach Leit kéint ënnert d'Äerm gräifen. An dat ass och deen eenzeg oder dee grouse Bemoll, deen ech an deem heiten Text hunn, nämlech, datt déi Dispositioun, déi eenzeg, déi och wierklech Sue kascht, 3,5 Milliounen, elo vum Staat Richtung Promoteur geet, mam Argument, dat géif dann derzou féieren, datt d'Baue méi bëleg gëtt ginn.

Dat ass op där enger Säit an enger gewëssener Kohärenz vun dëser Regierung, déi mengt, wann een d'Gewënnmargë vun de Promoteuren ëmmer géif méi grouss maachen, da géif doduerch d'Baue méi bëleg ginn. De Realitéitscheck hält deem net Stand! Dat ass am Moment net esou, an dat hei ass eng weider Mesur, wou Suen, ëffentlech Suen, geholl ginn, fir d'Gewënnmargë vun de Promoteuren ze assurieren. An dat ass dann awer fir mech e bësse vill däers Gudden.

An duerfir, Här President, proposéieren ech e Vote séparé iwwer zwee Artikelen vun deem heiten Text: den Artikel 2, wou et ëm déi besote Mesur geet, datt de Staat elo alleguerten d'Käschte géif iwwerhuelen, an den Artikel 15, dee sech exklusiv op den Artikel 2 berëfft, nämlech datt just dat Element vum Artikel 2 schonn den 1. Januar dëst Joer gültig ass, also retroaktiv gültig gëtt, wat jo nach eng kéier ënnersträicht, datt et wierklech eigentlech just drëm gaangen ass, de Promoteuren nach e bësse Suen ze schenken.

Här President, ech deposéieren dat ...

(*M. Marc Baum dépose une demande de vote séparé sur les articles 2 et 15 du projet de loi 8435.*)

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Baum.

M. Marc Baum (déi Lénk) | ... a wëll fir de Rescht awer soen, datt mer mat deenen aneren Artikelen a mam Gesetz a mat deenen Upassungen averstane sinn. Wéi gesot, mir wäerten d'Gesetz matstëmmen, déi zwee Artikelen net.

Merci.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Baum. Domat ass d'Lëscht vun den ageschriwwene Riedner ofgeschloss.

An dann huet d'Regierung d'Wuert. Här Kulturminister.

Prise de position du Gouvernement

M. Eric Thill, Ministre de la Culture | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, ech wëllt domat ufänken op dëser Plaz, dem Rapporteur, dem Här Bauler, e grouse Merci ze soe fir deen ausféierleche schréfflechen an och mündleche Rapport. Dat erlaabt mer, op dëser Plaz net nach eng kéier op all déi verschidde Punkte mussen anzegoen. Ech wëllt just e puer grondsätzlech Remarque mat viruginn.

Et ass ugeschwat ginn: Mir hunn zënter dem Februar 2022 fir d'éischte kéier hei am Grand-Duché e kloer definéierten, kohärente gesetzleche Kader, an dat fir all d'Forme vun eise kulturelle Patrimoine hei zu Lëtzebuerg, sief dat d'Archeologie, sief et d'Architektur, de Mobilier oder och den Immobilier. An dat war deemools, an ass et och haut nach, e richteg Gamechanger fir de Schutz an och d'Valorisiéieren vun eise kulturelle Räichtum.

Als Regierung hale mer ganz kloer un deem Gesetz fest, jo, dat ass schonns gesot ginn, a mir géifen haut e puer punktuell Ännerunge virhuele fir haaptsächlech och den archeologesche Volet.

Et ass ugeschwat ginn, dass mer wëilten da retroaktiv op den 1. Januar 100 % vun de Fouille-préventivë bezuelen, dat als Staat. Virdu war et 50:50, wou eeben och de Bauhär huet missen iwwerhuelen. An ech wëll et hei ganz kloer eng kéier soen – och dem Här Baum, ech hat et och, mengen ech, schonn an der Kommissioun gesot –, dass net jiddereen, deen hautdesdaags baut – dem Här Engel och, Dir hat et och ugeschwat –, en décke Promoteur ass. Et sinn, an do si mer och frou driwwer, och nach ëmmer Privatleit, déi bauen. An et geet och ganz kloer drëm, fir déi ze entlaaschten.

Wa mer wëlle virukommen, an dat hunn ech och schonns héieren, da geet et natierlech och ëm de Patrimoine mobilier. Do wäerte mer e puer Upassung maachen. Dat si kleng Lacunnen, déi behuewe ginn. De Rapportier ass op déi verschidde Krittären agaange fir d'Placéiere vu kulturelle Gidder, soudatt ech dat och op der Säit loossen. Och hei geet et awer, an dat wëll ech ganz kloer ernimmen, drëms, fir eise Patrimoine mobilier ze schützen op där enger Säit, a fir en op där anerer Säit natierlech och besser kennen ze valoriséieren.

En drëtten Punkt, dat ass de Patrimoine architectural, wou mer – an dat ass e wichtege Punkt, deen de Moien hei nach net ugeschwat ginn ass – d'Prozedure wëlle vereinfachen an och wëllen erlichteren. Ech ginn hei ee Beispill, well och vill Gemengevertrieeder, -verantwortlecher heibannen an der Chamber present sinn, wou mer zum Beispill bei enger Klassementsprozedur vun den nationale schützenswäerten Haiser an enger Gemeng den Delai wäerten eropsetzen, dee bei öffentliche Enquêtes dem Gemengerot fir säin Avis dann och virläit. Do muss de Gemengerot dann dozou Stellung huelen. Do si mer de Moment bei engem Mount, wou de Gemengerot da muss äntwerten. An dësen Delai géife mer op dräi Méint verlängeren. Dat erlaabt et de Gemengen, hir Contributionen an aller Rou kennen ze maachen an dee Gemengerot dann och seriö kennen ze preparéieren, ouni do an d'Hetz ze kommen.

Mir gi mat deem heite Gesetz e Step méi wäit. Mir maachen d'Prozedure méi effikass an natierlech och eng administrativ Vereinfachung – dat wëll ech och nach eng Kéier ganz kloer betounen an dat sief och nach eng Kéier gesot –, wou mer eeben d'Baukäschten um Terrain wëllen iwwert de Staat bezuelen an eeben och do d'Leit um Terrain entlaaschten.

Ech wëilt awer, an ech hunn nach e bëssen Zäit, op déi verschidde Froen agoen, déi vun deene verschiddenen Deputéierten hei gestallt goufen. Dat weist och, an dofir wëll ech ganz konkret och Merci soen, de groussen Interessi un dësem Sujet, um Patrimoine.

Ech géif ufänke mat der Madamm Modert, déi gefrot huet, wéi vill Operateure mer aktuell am Land hunn. Dat ass ongeféier déi Zuel, déi d'Madamm Modert och virdu scho genannt huet: Do si mer aktuell bei zwielef archeologeschen Operateuren, déi hei am Land aktiv sinn, fir archeologesch Fouillë kennen ëmzesetzen. Do komme mer, Stand haut, gutt duerch de Bësch, soen ech emol. Mir hu just bei gewëssene Spezialisten, sief dat an der Geophysik oder bei industriellen Archeologien, verschidden Demanden, wou mer vläicht net direkt esou séier kennen hannendrukommen, an do schaffe mer ganz gutt mat internationalen Experten aus dem Ausland.

Wat d'Inventaire vun eise Gemengen ugeet, do sinn aktuell fénnef Gemengen, déi ofgeschloss sinn, a véier Gemengen, déi hei amgaange sinn, déi Prozedur ze duerchlafen. Do gesäit een, dass mer, wa mer vun 100 Gemenge schwätzen, nach eng jett Aarbecht virun eis hunn.

Wat d'Sensibiliséierung ugeet – an dat ass eppes, wat mer ganz besonnesch um Häerz läit –, do si mer amgaangen, och verschidde Pisten ze entaméieren. Et wäert an noer Zukunft och eng Kommunikatiionscampagne lancéiert ginn, wou mer ganz kloer dat Gesetz nach eng Kéier erklären, wou mer soen, wéi een och um Staat verschidden Hëllef ka kréien.

Et ass och esou, dass mer eng Journée archéologique organiséieren. Mir hunn eng Journée du patrimoine, déi dëst Joer am Kader vum Patrimoine architectural steet. A mir organiséieren dës Kéier och vum 13. bis de 15. Juni am Kader vun de Journées européennes

de l'archéologie divers Aktivitéiten, déi sech och an dësem Kader beweegen.

An dann, och nach e wichtege Punkt – an dat sinn och déi Diskussiounen, déi ech alt um Terrain héieren –, sinn natierlech och eis Gemengen e ganz, ganz wichtege Partner, fir eebe weiderhin am Patrimoine virunzekommen, wou d'Gemengen och eng grouss Responsabilitéit hunn a wou mer och do nach eng Kéier wäerten den Tour dréinen, fir d'Gemengen nach besser ze sensibiliséieren, fir do och zesumme mat eis Verantwortung ze iwwerhuelen.

Eng weider Fro, do ass et ëm déi energieetesche Sanéierung gaangen. Dat ass och e ganz interessante Punkt. Do muss een awer ganz kloer soen, dass mer bei villen Haiser, voilà, vläicht net déi Méiglechkeeten hunn, déi eis dat ëmmer esou erlaben, wou mer einfach limitéiert sinn. Mir schaffen awer ganz aktiv drun, fir den Denkmalschutz an och déi energieetesche Sanéierung sou gutt wéi méiglech beienanerzebréngen, mee dat ass net ëmmer méiglech. Do si mer awer och amgaangen, intern mat eise Spezialisten u weidere Pisten ze schaffen, wéi mer och do kennen där Demande nokommen.

Eng weider Fro, dat war d'Evaluéierung, déi an enger Motioun och festgehal gouv vu viru ronn dräi Joer: Do sinn ech ganz gäre bereet, fir an deenen nächste Méint an d'Chamberskommissioun ze kommen an do wierklech och eng Kéier de Point ze maachen am Detail, wou mer eeben dru si mat deene verschiddenen Dossieren, sief et an der Archeologie oder och beim INPA, fir Iech do d'Zuelen och eng Kéier am Detail kennen ze presentéieren. Mee ech géif proposéieren, dat an der Chamberskommissioun ze maachen.

Eng weider Fro, an do kucken ech den Här Engel, do ass et drëms gaangen: d'Fro zum Propriétaire am Ausland. Déi hu mer, sou wéi ech dat nach richtig am Kapp hunn, och iwwer en Amendement gekläert. Et ass esou, dass den Tribunal hei zu Lëtzebuerg an déi Richtung elo kompetent ass.

An dann, last but not least, an dat ass och e Sujet, dee méi wéi eng Kéier elo ugeschwat ginn ass, dat ass de „Vicus“ vu Mamer; e ganz interessanten, e wichtege Projet. Jo, dozou stinn ech och als Kulturminister. Ech hu mer do awer och nach eng Kéier erkläre gelooss, dass mer do e ganz interessante wëssenschaftleche Site hunn, op deem et awer gewësse Contraintë mat der Fiichtegkeet gëtt an deem Lach, wou ausgegruewe ginn ass, wat derzou gefouert huet, dass mer verschidden Objete konnte fannen, déi eng grouss patrimonialech Valeur hunn, mee wou et weéng bis kee Sënn mécht, déi Saachen op deem Site selwer ze valoriséieren weéinst där Fiichtegkeet, déi mer op deem Site fannen. Mee ech kann Iech awer garantéieren, dass mer dat, wat do fonnt ginn ass, wäerte valoriséieren, nodeems mer et propper dokumentéiert hunn, an dann och dem Public wäerten zur Verfügung stellen. Voilà.

Dat gesot, sinn ech awer ganz frou, dass dat Gesetz hei eng breet Zoustëmmung fënnt. An dofir soen ech Iech e ganz, ganz grouse Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Minister. Domat wär dann d'Diskussioun zu dësem Projet de loi ofgeschloss.

Éier mer zum Vott vum Projet kommen: Et ass esou, datt d'Sensibilité politique déi Lénk gefrot huet, den Artikel 48 vum Chamberreglement geltend ze maachen an e Vote séparé iwwert d'Artikelen 2 a 15 ze maachen. Am Ganze muss mer dann hei zwee Votes séparés maachen, well et zwee verschidden Artikelen sinn, a mer fänke mam Vote séparé iwwert den Artikel 2 un.

D'Fro, déi ech stellen, ass déi: Wien d'accord ass mam Artikel 2, esou wéi en elo am Projet de loi steet, dee soll mat Jo stëmmen. Wien net mat där Formulatioun d'accord ass, esou wéi se actuellement am Projet de loi steet, dee soll mat Nee stëmmen. Fir datt d'Frostellung kloer hei ass.

Vote séparé sur l'article 2 du projet de loi 8435

Da géif ech d'Ofstëmmen opmaachen. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 46 Jo-Stëmmen, 14 Nee-Stëmmen. Den Artikel 2 ass also mat 46 Jo-Stëmme géint 14 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher (par M. Laurent Mosar), Félix Eischen (par Mme Stéphanie Weydert), Paul Galles, Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies (par Mme Nathalie Morgenthaler), Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Maurice Bauer) et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt (par M. Guy Arendt), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer et M. Gérard Schockmel ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Ont voté non : M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener (par M. Georges Engel), M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Komme mer elo zum Artikel 15. An do déi selwecht Fro: Wien also d'accord ass mam Artikel 15, esou wéi en elo am Projet de loi steet, dee soll mat Jo stëmmen. Wien net domadder d'accord ass, dee soll mat Nee stëmmen.

Vote séparé sur l'article 15 du projet de loi 8435

D'Ofstëmmen fänkt un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 46 Jo-Stëmmen, 14 Nee-Stëmmen. Den Artikel 15 ass also mat 46 Jo-Stëmme géint 14 Nee-Stëmmen ugeholl, esou wéi en am Text proposéiert ginn ass.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Félix Eischen (par Mme Octavie Modert), Paul Galles, Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies (par Mme Nathalie Morgenthaler), Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Maurice Bauer) et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt (par M. Gusty Graas), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer et M. Gérard Schockmel ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Ont voté non : M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener (par M. Georges Engel), M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Da komme mer elo zur Ofstëmmung iwwert de gesamte Projet de loi. Den Text steet am Document parlementaire 8435⁷.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8435 et dispense du second vote constitutionnel

An och hei fänkt d'Ofstëmmen elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration.

D'Resultat vum Vott ass: 60 Jo-Stëmmen, deemno bei kenger Nee-Stëmmen a kenger Abstentioun. De Projet de loi ass also eestëmmeg ugeholl ginn.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher (par M. Laurent Mosar), Félix Eischen (par Mme Diane Adehm), Paul Galles, Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies (par Mme Nathalie Morgenthaler), Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp) et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt (par M. André Bauler), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener (par M. Georges Engel), M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

Motion 1

Dann hu mer nach eng Motioun hei zu dësem Projet de loi vun der ADR, vun der Madamm Schoos, eragereecht kritt. Madamm Schoos, wëllt Dir nach eng Kéier Stellung dozou huelen?

(Négation)

Dir wëllt dat zum Schluss maachen. Wie wëllt zu dëser Motioun Stellung huelen? D'Madamm Bernard huet sech gemellt. Madamm Bernard, da fänkt Dir un.

Mme Djuna Bernard (déi gréng) | Jo, merci, Här President. Den ADR probéiert hei, e relativ populistescht Bild tëscht Ofrappen an Denkmalschutz ze zeechnen. An amplaz all Form vun Demolitioun ze verdäiwelen, geet et fir eis éischter drëms, bestoend Gebaier ze schützen a se ze valoriséieren an natierlech och d'Propriétaire finanziell ze encouragéieren.

An dat gëtt jo mam Inventaire gemaach. Dat ass ee vun de grouse Knackpunkte vum Gesetz vun 2022. Dat ass dat, wourëms et geet.

Et ass natierlech wichteg, datt den Inventaire ka weidergoen. Deem seng Aarbecht ass elementaire, fir dass eisen Denkmalschutz zu Lëtzebuerg gélegt. Och do ass et natierlech eng Fro vu Ressourcen. An ech weess, dem Här Kulturminister läit dat bestëmmt genauou um Häerz wéi eis, dass och do den Inventaire gutt opgestallt ass.

A mir stellen den Notze vun dëser Moosnam a vun dëser Motioun a Fro. An dowéinst géing ech proposéieren, hei dergéint ze stëmmen.

M. Claude Wiseler, Président | Merci. Elo hunn ech nach dräi Wuertmeldungen, dat sinn den Här Bauler, den Här Engel an dann den Här Clement. Fir d'éischt huet den Här Bauler d'Wuert.

M. André Bauler (DP), rapporteur | Jo, merci, Här President. D'Madamm Bernard huet elo esou treffend geschwat, datt ech deem näischt méi wëll bäifügen.

Plusieurs voix | O!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Bauler. Här Engel.

M. Georges Engel (LSAP) | Jo, ech stëmmen och der Madamm Bernard zou. Ech wëllt just nach ergänzen, dass dat net richtig ass, wat hei an der Motioun steet. Wa geschriwwen steet: „stellt fest, datt den Ofress vu bestoender Bausubstanz Liewens- a Wunnraum zerstéiert“ – dat muss net onbedéngt wouer sinn. Et kënnen och Gebaier sinn, déi éischters net méi gutt sinn, wou och keng Leit dra wunnen, wou am Moment och keen dra wunnt a wou et och vill méi Sënn mécht, eppes anescht dohinner ze bauen, wéi dat bestoen ze loossen, wat guer keen architektoneschen oder historieschen Wäert huet. Duerfir mécht et absolutt Sënn, och Saachen ofzerappen an eppes Neies dohinner ze bauen. Deementspriedend géinge mer dës Motioun dann och net matstëmmen.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Engel. Dann hunn ech den Här Clement an dann duerno d'Madamm Modert. Här Clement.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. D'Invitte sinn immens sympathesch: Donnéeën ze erhiewen, dat ass eppes, wat ee generell ..., a virun allem och well an de Considerante jo ganz kloer gesot gëtt, wou Donnéeën feelen.

Mee d'Considerante sinn engersäits falsch an anerersäits net kohärent. Op där enger Säit gëtt vum Wunnraum geschwat, deen zerstéiert géif ginn duerch d'Ofrappen. Also, mir schwätze ganz vill vun Noverdichtung vun den Uertskaeren. Fir eebe grad abordabele Wunnraum ze schafen, musse mer do, wou fréier vläicht nëmmen eng Unitéit stoung, haut der zwou, dräi, véier, voire méi bauen. A genau dofir ass heiansdo d'Ofrappen den eenzege Wee, fir eebe grad méi Wunnraum ze schafen, méi Liewensraum ze schafen an deen domadder och eebe grad net ze zerstéieren.

An da gëtt awer ënnendrenner gesot, et géifen Zuele feelen iwwert den Ofress vun Netwunngebaier. Jo, mee ech kann net an deem éischte Considerant soen, datt ech Wunnraum zerstéieren, fir zwee Considerante méi spéit dann dovunner ze schwätzen, datt et mer och ëm den Netwunnraum geet. Also, do passt alles net esou ganz zesummen.

Dat heescht, d'Invitte si ganz kloer fir eis, déi wäre gutt, mee d'Consideranten, wéi een dohinner kënnt, maachen et leider onméiglech, déi Motioun hei matzedroen.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Clement. Madamm Modert.

Mme Octavie Modert (CSV) | Jo, merci, Här President. Dat ass alles net ganz kohärent, wéi dat hei geschriwwen ginn ass vum ADR. Souwisou géif en Deel vun deene Froe sech éischter un aner Ministère wenden. A wéi d'Virriedner, besonnesch och d'Madamm Bernard, scho gesot hunn: D'Inventaire sinn amgaangen, gemaach ze ginn, komme virun, mussen och nach virugoen. An do ass dann en Deel Daten dran, déi hei fir dat spezifesch Gesetz an déi spezifesch Situatioun méi richtig si wéi dat, wat hei e bëssen a vill Richtunge gefrot ginn ass an net esou kohärent ass.

Mir, d'CSV, wäerten déi heite Motioun net matstëmmen. Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Modert. An da kritt zum Schluss d'Auteure nach eng Kéier d'Wuert. Madamm Schoos.

Mme Alexandra Schoos (ADR) | Villmools merci. Ech mengen, hei schéngt jo e breede Konsens ze sinn, déi Motioun net unzehuelen. Mir si jo fir d'Meenungsfräiheet, et dierf jiddweree seng Meenung hunn. Ech weess awer net, firwat elo onbedéngt Wunnraum an Netwunnraum sech géigesäitig ausschléisse sollen. Mir wollten einfach alles mat aschléissen.

Natierlech sinn ech dermat d'accord, dass Gebaier, déi net méi iergendwéi ze gebrauchte sinn, wéi den Här Engel gesot huet, dann ofgerappt ginn. Mir si jo och net iergendwéi elo géint iergenden Ofrappen. Mir froen hei einfach just eng Statistik, dass déi soll erhuewe ginn, ni plus ni moins. An dat war am Fong, wat mir mat dëser Motioun zum Ausdrock wollte bréngen.

An dann, als Parteipresidentin géif ech et wierklech begrëissen, wann et „d'ADR“ wier an net „den ADR“ ëmmer iwwerall.

Villmools merci.

M. Claude Wiseler, Président | Ok.

M. Sven Clement (Piraten) | Gläichberechtigung!

(Interruptions)

M. Claude Wiseler, Président | Villmools merci.

Da géinge mer hei, vu datt keng Wuertmeldung méi do ass, zum Vott vun dëser Motioun kommen.

Vote sur la motion 1

Ech maachen de Vott op. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschlossen.

D'Resultat vum Vott ass: 5 Jo-Stëmmen, 55 Nee-Stëmmen, keng Abstentioun. Dës Motioun ass also ofgeleent mat 55 Nee-Stëmme bei 5 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig.

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher (par M. Laurent Mosar), Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles, Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies (par Mme Stéphanie Weydert), Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt (par M. Gérard Schockmel), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener (par M. Georges Engel), M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

5. Ordre du jour

Dann hunn ech nach eng Motioun – mat Accord, mengen ech, vu sämtleche Fraktiounen a Sensibilitäten, déi mer elo gefrot hunn –, déi hei um Büro läit, an zwar déi, déi d'Madamm Paulette Lenert gëschter eragereecht huet. Wann ech richteg verstane hunn a wann Der domat d'accord sidd, kënnen mer déi elo nach direkt op den Ordre du jour setzen, fir doriwuer ofzestëmmen.

Sidd Der domat d'accord, datt mer déi direkt diskutieren?

(Assentiment)

Da soen ech Iech Merci fir deen Accord. An da wäerte mer dat da maachen.

6. Motion de Mme Paulette Lenert relative à l'alignement de la stratégie nationale sur la stratégie européenne en matière de prévention des menaces et des crises émergentes

(Motion déposée en séance publique n° 75 du 1^{er} avril 2025 – à consulter en page 19 de ce compte rendu)

Ech wëll also froen, ob d'Madamm Lenert nach eng Kéier wëllt kuerz driwwer schwätzen.

(Négation)

Dir wëllt duerno schwätzen, Madamm Lenert. Wie wëllt zu dëser Motioun Stellung huelen? Dee soll sech mellen, wannechgelift. Den Här Spautz, den Här Keup. Jo, Här Spautz.

Discussion générale

M. Marc Spautz (CSV) | Här President, ech mengen, d'Madamm Lenert hat se gëschter am Uschloss, nodeem och schonn de Premierminister an der Heure de questions dozou Stellung geholl hat ... Mir sinn där Meenung, dass et wichteg ass, dass déi Informatiounen och bei d'Leit kommen. An dofir kënnen mir déi Motioun mat ënnerstëtzen. Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Spautz. Här Keup.

M. Fred Keup (ADR) | Jo, merci, Här President. Bon, et ass elo e bësse spontan op den Ordre du jour komm. Ech weess net genee, wat d'Commission européenne, wéi hei an de Considerante steet, de 26. März, genee gesot huet. Dass d'Leit sech solle virbereeden an dass se genuch sollen doheem hunn, fir 72

Stonnen am Fall vun enger Katastroph kënnen autark ze iwwerliewen, dat schéngt mer eng Evidenz ze sinn. Ech mengen, an Däitschland gëtt souguer gesot, dass d'Leit solle fir zwou Wochen doheem esou virbereet sinn, dass se kënnen autark iwwerliewen, wann ech mech net ieren.

Dat sinn alles Saachen, déi kann een natierlech gutt fannen an evident fannen. Wat mer e bësse feelt, dat ass, ëm wat et genee elo hei geet. Och wann ee vun Europa schwätzt, do huet ee jo awer ganz ënnerschiddlech Situatiounen.

Dir hutt Plazen an Europa, do kënnen ganz staark Äerdbiewe sinn. Zu Lëtzebuerg ass d'Chance vun engem staarken Äerdbiewe beispillsweis immens niddreg. Déi schlimmste Katastrophen, déi mir hei, wann ech mech elo net ieren, déi lescht Zäit haten, dat waren Iwwerschwemmunge respektiv mol ganz staark Stierm.

Bon, an deem Kontext hate mer jo och déi Diskussiounen iwwert déi Alerte, déi gemaach gëtt iwwert den Handy. Dat hat jo virun e puer Joer bei den Iwwerschwemmungen zu vill Kontroverse gefouert. Do hu Leit nach missen hiren Hutt huelen. Mee do schéngt dat jo e bëssen ze klappen.

Bon, am Fong kann een et matstëmmen. Mee et freet ee sech awer, wat effektiv d'Europäesch Kommissioun dann eis zu Lëtzebuerg wëll do soen a wat se wëll maachen a ganz Europa, vu dass d'Situatioun ënnerschiddlech ass.

A bon, den EU-Virbereedungsdag, soen ech elo mol, et kann een dat matstëmmen, jo. Mee bon.

(Interruptions)

Une voix | Egal wat!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Keup. D'Madamm Tanson huet d'Wuert gefrot.

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Jo, ech probéieren elo net, hei meng ... ze iwwerleeën, während ech schwätzen, mee ...

(Hilarité)

M. Fred Keup (ADR) | Ma da schwätzt!

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Jo, Här Keup. Ech hunn ... Jo, jo, ech hunn, contrairement zu deem, wat Dir elo gemaach hutt, mech am Virfeld elo nach informéiert iwwert déi Motioun vun der Madamm Lenert, déi extreem pertinent ass, well wann op europäeschem Niveau Kommunikatiounen gemaach ginn an d'Bierger opgeruff ginn, verschidde Moosnamen ze huelen, dann ass dat natierlech mat Ängschten verbonden. An dann ass et extreem wichteg, dass dat och vun den nationale Regierungen reliéiert an an de Kontext gesat gëtt. An duerfir fanne mir, dass dat heiten eng ganz pertinent Motioun ass, déi mer natierlech mat ënnerstëtzen a wou mer dann och frou sinn ze héieren, dass d'Majoritéit och där Meenung ass.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Tanson. Gëtt et nach aner Wuertmeldungen? Dat schéngt net de Fall ze sinn. Da ginn ech der Auteure, wa se wëllt, nach eng Kéier d'Wuert. Madamm Lenert.

Mme Paulette Lenert (LSAP), auteure | Jo, merci, Här President. Ech si frou, dass hei op der Basis am Haus eng gemeinsam Vue ass, dass dat heiten eng drénglech Ugeleeënheet ass. Et ass eebe justement d'lescht Woch eng grouss Kommunikatioun erausgaange vusäite vun der Kommissioun, déi sech direkt un d'Bierger adresséiert huet.

An de Punkt ass eebe justement, dass mer der Meenung sinn, dass och hei am Land d'Leit e Recht drop hunn, dat erkläert ze kréien, wat dat bedeit, dass dat soll kontextualiséiert ginn. D'Urgence ass vun Iech ofgewise ginn zu där Fro, dofir sinn ech ëmsou méi frou, dass trotzdeem hei am Haus d'Basis dat awer als méi drénglech unerkannt huet an och mat eis zesammen hei eng direkt Kommunikatioun vusäite vun der Regierung freet.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Lenert.

Da géng ech mengen, datt mer elo kënnen zur Ofstëmmung iwwert dës Motioun kommen.

Vote sur la motion

Ech géng also de Vott opmaachen. De Quorum ass erreicht. Vote par procuration. Domat ass de Vott ofgeschlossen.

D'Resultat vum Vott ass: 58 Jo-Stëmmen, keng Nee-Stëmm bei 2 Abstentiounen. Dës Motioun ass also mat 58 Jo-Stëmmen bei 2 Abstentiounen ungeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Félix Eischen (par Mme Stéphanie Weydert), Paul Galles, Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies (par Mme Octavie Modert), Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt (par M. Gusty Graas), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener (par M. Georges Engel), M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Se sont abstenus : MM. Marc Baum et David Wagner.

Domat si mer dann och um Enn vun eiser Sëtzung vun de Moien ukomm. D'Chamber kënnt de Mëtten um 14.00 Auer nees zesammen.

D'Sëtzung ass opgehuewen.

(La séance publique est levée à 11.24 heures.)